



där ganzer Diskussionsphas, déi mer elo esou gutt wéi hannert eis leien hunn, well een awer gären Interlocuteurs hätt, wou ee weess: Fir wie schwätze se, si se repräsentativ, ass dat gedroen, wat mir do héieren?

An ech hat och e bësschen d'Gefill, wéi wann dat Bild an der ëffentlecher Meenung, och an de Medien zum Deel, net ëmmer deem entsprach huet, wéi et an der ganzer Studentenschaft eigentlech war. Et ass awer e Gefill an et ka ganz subjektiv sinn.

Duerfir ass déi Fro effektiv pertinent, ob een net awer misst a Richtung goe vu méi enger ofizieller, och legitimierter Studenteverriedung, déi dann natierlech och den offiziellen Dialogpartner wär vun der Regierung oder vun deem engen oder anere Minister, wann en eppes mat den an iwwert d'Studenten ze diskutéieren hätt.

D'CNEL, an Dir hutt et gesot, ass eigentlech e ganz gutt Beispill do, e relativ rezent Beispill, wou mir jo elo och nach eng Keier e Schrëtt weider gemaach hunn, andeem mer och Personal mat zur Verfügung stellen, fir datt een do méi eng professionell Gestoun ka garantéieren, fir datt och déi geliefte Demokratie bei de Schüler wierklech ka funktionéieren. An d'Regierung géif sech sécherlech esou enger Iwwerleeung net verspären.

Ech selwer hat, wéi ech d'ACEL empfaangen hunn - an dat war relativ fréi, wéi ech dee Ministère iwwerholl hunn -, mat hinnen doriwwer geschwat, an d'ACEL och ass eigentlech en Demandeur, fir an esou eng Richtung ze goen. Woubäi d'ACEL jo haut schon eng Struktur huet, déi e bësschen där vun der CNEL entsprécht, vu datt se e Gremium ass, wou Vertrieeder aus all de Studentecerclé vun deenen eenzelen Unistied mat dra sinn, an duerfir schonn déi ëffentlech Meenung, wat d'Studenten ubelaangt, awer e Stéck wäit kanaliséiert huet an e Sproochrouer ass vun engem ganz groussen Deel vun de Studenten.

Mä d'ACEL selwer seet, datt een eigentlech e Schrëtt do méi wäit soll goen an dat och soll institutionaliséieren, esou datt ech denken, datt een ab dem Hierscht kann an déi dote Richtung och méi schaarf iwwerleeën. An ech géif awer dann och d'Demande maachen, datt déi Studenteverriedungen, déi mer haut hunn, déi sech jo och alleguerten elo am Kontext vun de Bourssen zu Wuert gemellt hunn, datt och déi mat do géifen driwwer diskutéieren, fir datt mer net herno eng Diskussioun iwwert d'Struktur vun der Studenteverriedung géife kréien, fir datt mer do e breede Konsens géifen da kréien.

Dat géif et sécherlech an Zukunft méi einfach maachen, fir mat de Studenten iwwert deenen een oder anere Punkt kënnen ze diskutéieren. An et géif d'Studenten insgesamt stäerken, fir och en Input an d'Politik respektiv an d'Gesellschaft eranzeginn. An dorunner hu mer alleguerten en Interessi.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Héichschoulminister.

Mir sinn um Enn vun eiser Froestonn, déi genee 62 Minuten hat, a mir géifen zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6637, eng Konventioun betreffend d'international Telekommunikationsunion.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorablen Här Claude Adam. Ech hu bis elo zwou Inscriptions, et ass nach Zäit.

## 10. 6637 - Projet de loi portant approbation

**- des amendements portés par les Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 signés à Antalya et du 22 octobre 2010 signés à Guadalajara à la Constitution et à la Convention de l'Union internationale des télécommunications telles qu'amendées par la suite;**

**- des réserves formulées par le Luxembourg lors des Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 à Antalya et du 22 octobre 2010 à Guadalajara**

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace**

► **M. Claude Adam (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kollegen a Kolleginnen, de Projet de loi 6637 ass den 20. Dezember 2013 vum Ausseminister déposéiert ginn. Mat deem Projet de loi huele mer déi Amendementer un, déi an de plénipotentiaire Konferenz vun der Union internationale des télécommunications - ech wäert dat Dénge dann ëmmer UIT ofkierzen - de 24. November 2006 zu Antalya an der Türkei an den 22. Oktober 2010 zu Guadalajara a Mexiko déci-deiert goufen.

Fir de Projet de loi e bësse méi verständlech ze maachen: D'UIT ass e spezialiséiert Institut vun de Vereenten Natiounen am Beräich vun den Informations- a Kommunikatiounstechnologien an huet hire Sëtz zu Genève. D'UIT beschäftegt sech weltwäit mat den technesch Aspekter vun der Telekommunikatioun. D'Wuerzele vun där Organisation ginn zrëck bis op 1865, deen Dag, wou den Internationalen Telegrafeveräin gegrënnt gouf.

Haut huet dës UN-Organisation 193 Memberstaten. Do derbäi kommen nach eng ganz Rei Régulateuren aus den Technologies de l'information et de la communication an eng ganz Partie Unien a ronn 700 Betriber aus dem private Secteur. Et gëtt haut e puer Milliarden Abonnente vu mobilen Telefonen an och e puer Milliarde Leit, déi d'Televisioun kënnen kucken. Milliounen Leit notze Servicer iwwer Satellit, zum Beispill andeems se sech iwwer hire GPS guidéiere loossen.

D'UIT hëlleft, dee weltwäite Kommunikatiounssystem oprechtzëerhalen, andeems se zum Beispill d'Radiofrequenzen zoudeelt an och d'Position um Orbit vun de Satellite regelt. D'UIT ass also weltwäit déi Instanz, wou Regierungen a Privatentreprisen e Konsens kënnen sichen a fanne fir allmëiglech Froen, déi de Secteur vun den Technologies de l'information et de la communication betreffen.

Den ieweschte Gremium vun der UIT ass d'Conférence plénipotentiaire, déi all véier Joer aberuff gëtt. Hei versammele sech déi 193 Memberstaten an huelen Décisiounen iwwert déi strategesch Orientatioun, d'Finanzéierung, d'Wahl vun den Direktionsmemberen, wéi zum Beispill dem Generalsekretär.

Eng kleng Klammer maachen ech hei op. Deen aktuelle Generalsekretär, den Dokter Hamadoun Touré, war dës Joer am März zu Lëtzebuerg op Besuch. Hien hat eng Konferenz fir d'Associatioun vun den Ingenieure gehalen. Hie war zu Besuch op der Uni Lëtzebuerg an e war och op Besuch bei eisem Premierminister Xavier Bettel. Domat weist jo och schonn déi Organisation, datt se souwuel Regierungen wéi Héichschoule wéi och Industrieller interesséiert. Klammer zou.

Wat sinn dann elo déi Amendementer, déi mer mat deem Gesetz unhuelen?

D'Union huet decidéiert, sech nach méi opzemaache fir d'Zivilgesellschaft, de Privateseur an déi akademesch Welt. De But vun där Ouverture ass et, fir mat deem ëmmer méi schnelle Rhythmus vun der technesch Evolution kënnen Schrëtt ze halen an esou de Bedierfnesser souwuel vun de Memberstate wéi och vun de Konsumenten entgéintzekommen.

De System vun de Kontributione soll méi flexibel ginn. D'Dauer vun de Conférences plénipotentiaires soll méi kuerz gehale ginn. D'Notioun vum „observateur“ soll méi large interpretéiert ginn.

Déi Reserven, déi Lëtzebuerg bei der Konferenz vun Antalya an zu Guadalajara formuléiert hat, bleiwe weider bestoen. Déi Reserven, dat sinn „des réserves pluriétatiques“, wou entweder all EU-Member oder awer eng Rei Länner déiselwecht Virbehalter hunn. Dës Reserve sinn och alleguer am Projet de loi opgezielt.

D'Chambre des Métiers huet hiren Avis de 25. November 2013 ginn an hat näischt géint de Projet anzuwenden. Datselwecht gëllt fir d'Chambre de Commerce, där hiren Avis op de 5. Dezember 2013 datéiert ass. De Statsrot hat a sengem Avis vum 6. Mee 2014 just proposéiert, datt mer am Projet sollte preziséieren, datt déi Konferenzen zu Antalya an zu Guadalajara waren.

De 7. Mee 2014 sinn ech an der Kommissioun vum Enseignement supérieur, der Recherche, de Medien, der Kommunikatioun an esou weider als Rapporteur designéiert ginn. Mir sinn dem Wonsch vum Statsrot nokomm, mir hunn déi néideg Annerunge gemaach. An den 30. Juni ass de Rapport zum Projet de loi 6637 eestëmmege ugeholl ginn.

Ech bréngen dann och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Adam. Éischtens ageschriwwene Riedner ass d'Madame Beissel.

**Discussion générale**

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop dem Här Claude Adam en härezeche Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass e komplizéierte Secteur, deen awer extrem wichteg ass fir Lëtzebuerg als Member vun der UIT.

Mat deem Projet de loi regulariséiere mer eis Situatioun, well mer jo wëllen am Conseil sinn, fir och bei den TICen ze moderniséieren. D'Amendementer droe mer bien entendu, well et geet drëm, eng Ouverture ze maachen, déi zäitgeméis ass, sougutt op d'Société civile wéi de Secteur privé. Dat heescht, d'Zuel vun den Acteuren, déi gëtt verbreedert.

An dann, wat d'Reserven ugeet, déi droe mer bien entendu och, well dat si Reserven, déi jo net nëmme vu Lëtzebuerg kommen, mä déi vun der ganzer Europäescher Union gedroe ginn, fir dass mer eis vis-à-vis vun anere Länner kënnen schützen.

Dat gesot, begrësse mir dese Projet, a bien entendu bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Beissel. Dann huet d'Wuert d'Madame Diane Adehm.

► **Mme Diane Adehm (CSV).** - Jo, Merci, Här President. Och ech géif dem Rapporteur Claude Adam villmools Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Wéi scho gesot, mir huelen haut verschidde Changementer un, déi schonn 2006 an 2010 ënnerschriwwen gi sinn. Als CSV begrësse mir dës Changementer ausdrécklech. Mir sti voll do derhannert. An ech ginn heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Här President, da soe mir och dem Här Claude Adam villmools Merci fir säin detailléierte Rapport. Deenen Erklärungen, detailléierten Erklärungen, déi en eis elo ginn huet, ass näischt méi bäizefügen, an duerfir kënnen mir dann och dee Projet matdroen als sozialistesche Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Leschten... Ah, den Här Kartheiser! Ech hat lech net agedroen. Dir hutt awer d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci fir d'Wuert. Och mir schlëssen eis dem Merci un de Rapporteur un. Ech mengen, et wor ganz interessant, all déi Erklärungen, historischer an technischer, ze héieren. Mir hu just zwou Bemerkungen, wat den Text ugeet.

Dat Éischt ass, wat d'Reserven ugeet. Et ass scho richtig, datt der do eng Partie derbäi sinn, déi am Kader vun der Europäescher Union ugeholl goufen. Et steet awer am Rapport vum Här Adam, et wäeren «principalement des remarques formulées conjointement avec les autres États membres». Wann dat esou ass, da wiere mir interesséiert, fir ze wëssen: Wat sinn dann elo déi national Suergen, wou mer eben net mat deenen aneren zesummeginn? A wat sinn do déi Reserven, déi elo Lëtzebuerg selwer huet? An aus wéi enge Grënn?

Déi zweet Bemerkung, déi betrëfft eng allgemeng Suerg, déi d'ADR huet, wat eis Kontributione bei internationalen Organisationen ugeet. Mir soen, mir solle selbstverständlech e Bäitrag bezuelen, awer proportional zu deem, wat aner ähnlech State bezuelen. Elo ass et esou, datt an deenen Annerungen, déi mer haut hei unhuelen an déi mir och als ADR gär matstëmmen, awer eng Dispositioun steet, déi seet, de Système des contributions géif méi flexibel ginn.

Gläichzäitig gesi mer an deenen Dokumenter, déi mer haten, datt awer elo keng Incidences budgétaires, op jidde Fall emol fir dës Joer, virgesi sinn, wat de Statsbudget ugeet. Eis Fro ass also dohier: Plangt d'Regierung iergendeng Annerung, wat eis Kontributionen ugeet? Oder huet déi do Dispositioun iergendwelch Implikatiounen op laang Siicht fir de Statsbudget? Oder bezuele mer eng Kontribution, déi proportional ass zu deem, wat aner Länner da bezuelen, ouni doriwwer erauszegoen?

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Léng).** - D'UIT huet u sech eng wichteg regulativ Funktioun, déi net

soll a Fro gestallt ginn. Déi betrëfft haut net méi wéi am Ursprong den Telegraf an duerno den Telefon, mä déi huet sech weiterentwéckelt iwwert d'Mobilnetzer bis hin haut zum Internet.

Dat, wat mer haut diskutéieren oder approuvéieren, ass am Fong geholl dat, wat schonn 2006 respektiv 2010 ausgehandelt ginn ass. Mir stëmmen och do derfir, well mer grosso modo déi regulativ Aspekter, déi dodraner sinn, guttheeschen. Och wa mer net onbedéngt mat alle Reserven, déi Europa do ënnerschreift, d'accord sinn, zum Beispill wat d'Souveränitätsrechter iwwert de Loftraum ugeet, iwwert dem Äquator, déi déi Länner fir sech verlaangen a wou Europa net d'accord ass, well se och do wëlle mat hire Satelliten hin. Et wier och schwéier, fir et anescht ze maachen, mä do ass eng Kontradiktioun, déi ni geléist ginn ass.

Et muss een awer trotzdeem drop hiweisen, dass déi nächst Konferenz, wou Diskussiounen bestinn, bevirsteet am Dezember 2014. Et muss een och drop hiweisen, dass d'UIT net déi eenzeg Instanz ass, déi regulativ Aufgaben an deem dote Beräich huet.

Ech gräife just eng eraus, dat ass d'ICANN, déi am Fong geholl déi ganz DNSen, Internetadressen, High-level-Domänen an esou weider gëreiert a wou et och Bestriewunge gëtt... D'ICANN ass am Fong geholl méi also eng Struktur, déi en place gesat ginn ass vun den Utilisateuren, déi awer ganz gutt funktionéiert.

Et sinn awer eng Rei Regierungen, déi wëllen der ICANN hir Attributiounen ewechhuelen, grad am Beräich vun den Domänen a vun den High-level-Domänen a vum Internet, a wëllen déi un d'UIT ginn. Wat als Konsequenz hätt, wann d'UIT dat géif unhuelen, dass net méi d'Utilisateuren dat géife kontrolléieren, mä Statene, an dass d'Domänen an d'Aushandele vun, d'Zouweisung vun Domänen am Internet géif e Spill ginn tëschent Statene a Regierungen, wat eng ganz aner Nues gëtt, wéi dat de Moment de Fall ass.

Op wat ech eraus wëll, ass dat, fir ze soen, mir sollen net nëmmen nodréiglech Konventiounen an Annerungen approuvéieren, mä mir sollen eis och d'Moyene ginn, fir esou Saachen am Virfeld ze diskutéieren. Well dat do wäert eng vun den Diskussiounen am Dezember 2014 sinn. Mir solle wierklech kucken, wéi eng Moyenen dass mer eis kënnen ginn, fir déi Diskussiounen do am Virfeld ze féieren an net herno einfach just ofzehaken, nodréiglech ofzehaken, wat diskutéiert ginn ass. Well dat am Virfeld ze diskutéieren, ass déi richtig Aart a Weis, fir Afloss ze kréien op dat, wat op eis zoukënn a wat mer duerno da gudde Gewëssens kënnen approuvéieren.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och. Domat hu mer d'Diskussionsronn ofgeschloss. An d'Wuert huet d'Regierung, den Här Statsminister.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias.** - Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech och dem Rapporteur e grouse Merci soen. En huet och gesot, dass de Secrétaire général vun der UIT, den Här Touré, zu Lëtzebuerg war. An et soll een net hei mengen, dass d'UIT a Lëtzebuerg kee Lien hätten, esou wéi ee kéint mengen, dass dat..., ob mir elo cotisationsméisseg wéi, wat oder wou.

Ech wëll just soen, dass mir du point de vue Satelliten ee vun deene Gréissten - ee vun deene Gréissten! - op deem Globus sinn an dass d'UIT eng ganz grouss Roll huet och an deene Secteuren, déi se huet, an dass dowéinst d'Aarbecht, déi d'UIT mécht, an d'Zesummenaarbecht, déi mer mat Lëtzebuerg hunn - well mir sinn ëmmer Demandeur fir kënnen Frequenzen och ze kréie fir d'Satelliten an och fir d'Satellite kënnen op Orbit ze setzen -, dofir och ganz wichteg ass, an et ass ganz wichteg, dass déi gutt Relatiounen mat der UIT bestinn.

Mir sinn och Membre fondateur vun der UIT. Dat heescht, et ass näischt Neies. Mir hunn och dës le départ do eis Membership erkläert.

A wéi ech gesot hunn, et ass ee Secteur, dat ass dee vun der Radiocommunicatioun, dat ass deen, dee justement och d'Utilisatiounen vun de Frequenzen, de radioelektresche Frequenzen och regelt an dee wierklech vun enger ganz, ganz grousser Wichtigkeet ass och fir eis Gesellschaft, déi zu Betzder ass.

Ech ginn elo net an den Detail an iwwer wéi oft d'Sitzungen tagen oder wien dohinne kënn. Ech hunn zwou prezis Froen gestallt kritt, da wëll ech och dorop äntwerten.

Déi éischt ass déi Reserv. Déi Reserv ass am Fong, well den 3. Dezember 1976 eng ganz Rëtsch vu Länner, déi um Äquator sinn, gesot hunn, si hätte gär eng Reserv a si hätte gär re-





servéiert Plazen. Déi hunn nämlech gefrot «confèrent aux pays équatoriaux des droits souverains sur certaines portions de l'orbite des satellites géostationnaires, et qui est mis en cause par les États signataires de la contre-réserve.» Dat heescht, dat wor den 3. Dezember 1976, wou déi Länner dat gefrot hunn, a säitdeem gëtt et eng Contre-réserve, wou och Lëtzebuerg ënnerschiwwen huet; ausser Kolumbien, déi säitdeem och op hir Reserv verzicht hunn.

A wéi gesot, iwwert de finanziellen Impakt, ech hunn net Kenntnis, dass do sollt eppes geännert ginn. Ech hunn och dem Här Touré gesot, dass fir d'Kontribution vum de Länner et am Moment net opportunt wier, wann do eppes géif änneren. Dat wier delikat, de Leit ze soen, mir géifen op där enger Säit gäre spueren an op där anerer Säit géife mer d'Kontributionen erhéien.

Ech muss lech awer just soen, dass et fir verschidde Länner dramatesch wier, wa se bei der UIT net kéinten um Dësch setzen, well se hir Cotisation net bezuele kënnen. Well do, wou mir heiansdo soen, et wier deier, fir verschidde Länner ass dat ganz, ganz vill méi. An dowéinst gëtt et vläicht och heiansdo Solidaritéit an internationalen Organisationen, déi och gefrot gëtt.

Mä wéi gesot, ech hunn déi Demande nach net elo kritt, fir do e Rééquilibrage ze maache vum de Cotisationen. A wann dat de Fall wier, kann ech gäre bei d'Chamberskommission da kommen, fir hinne dat da matzedeele. Ech si frou op jidde Fall, wa mer hei eng grouss Zoustëmmung kréien.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Regierung. Mir géifen dann iwwert den Ensembl vum Projet de loi 6637 ofstëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6637 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6637 ass unanime ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Diane Aderm), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Jo. Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergeen. Dat ass de Projet de loi 6640 an do geet et ëm eng Konvention iwwert déi Universell Postunioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Rapportrice, d'Madame Tess Burton, huet direkt d'Wuert.

## 11. 6640 - Projet de loi portant approbation

- **du Huitième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle,**

- **du Premier Protocole additionnel au Règlement général de l'Union postale universelle,**

- **des amendements à la Convention postale universelle et à son Protocole final, signés au Congrès postal universel de Genève, le 12 août 2008**

## Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den 20. Dezember d'lescht Joer ass de Projet de loi 6640 vum Ausseminister Jean Asselborn déposéiert ginn. Mat dësem Gesetzesprojet huele mir verschidde Protokoller un, déi d'Union postale universelle betreffen.

Et handelt sech dobäi ëm den aachte Protocole additionnel vun der Constitution vun der Union postale universelle an ëm den éischte Protocole additionnel vum Règlement général vun der Union postale universelle. A mat dësem Projet ginn och verschidde Ännerungen an der Konvention vun der Union postale an am Ofschlossprotokoll ugehall, déi béid um Weltpostkongress den 12. August 2008 zu Genève ënnerschiwwen gi sinn.

Erlaabt mer, fir d'Éischt e puer Wieder zur Union postale ze soen.

D'Union postale universelle, op Lëtzebuergesch de Weltpostveräin, ass 1874 gegrënnt ginn an ass säit 1948 eng Sonderorganisation vun de Vereenten Natiounen. D'Union postale universelle, ofgekierzt UPU, huet hiren Haaptsätz an der Schwäiz zu Bern an zielt de Moment 192 Memberstaten, dorënner eben och säit 1875 Lëtzebuerg.

Sënn an Zweck vum Weltpostveräin ass d'Regelung vun der internationaler Zesummenarbeit vum deenen nationale Postadministrationen am Kader vum internationale Postverkéier. D'Haaptufgab vun der Union postale universelle besteet doranner, déi weltwäit an zäitno Zoustellung vu Bréiwer a Päck iwwert d'Landes- a Sproochegrenzen eraus sécherzustellen.

D'Noutwendegkeet vun enger Instanz wéi der UPU gëtt däitlech, wann ee sech d'Zuelen ukuckt, déi dat weltwäit Postwiese beschreiben: 5,3 Milliounen Leit schaffe weltwäit bei der Post, 642.000 Postbüroer ginn et op der ganzer Welt an 346 Milliarden Bréiwer a 6,5 Milliarde Päck ginn all Joers verschéckt.

Eng ganz praktesch Bedeitung fir deen eenzelne Postclint huet de Weltpostveräin virun allem dann, wa Bréiwer oder Päck verluer ginn. Fir dëse Fall ass et d'UPU, déi en Entschiedungsbetrag agefouert huet an nach bis haut festleet. Et ass och de Weltpostveräin, deen d'Coupons-réponse internationaux erausgëtt. Dës Coupone kënnen an all Land vun der Welt an Timberen ëmgetosch ginn an d'UPU bezilt d'Präisdifferenzen zu deene verschidde Länner.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de 24. Kongress vun der Union postale universelle huet vum 23. Juli bis den 12. August 2008 op Invitatioun vun der Schwäizer Konföderatioun stattfonnt. 180 Membere vun der UPU waren op dësem Kongress representéiert. Hei goufen eng Rei vun Dokumenter ënnerschiwwen, déi d'Zukunft vun de Postdëngschter betreffen.

Bei der Ënnerschrëft vun dësen Akten huet Lëtzebuerg sech der Deklaratioun vun de Memberstate vun der Europäescher Unioun ugeschloss, fir d'Akte vum Kongress vu Genève am Respekt vum europäeschen Traité an de Regele vum „Accord général sur le commerce des services“ vun der Welthandelsorganisation ze applizéieren.

Den Arrangement iwwert d'Bezuelerservicer vun der Post gouf net um Kongress vu Genève geännert, mä Lëtzebuerg huet dësen Arrangement zu Genève weider verlängert an ënnerschräicht domat weiderhin de Wëllen, un dësem Arrangement festzehalen.

D'Haaptännerungen, déi zu Genève beschloss gi sinn, betreffen de strategesch, de finanziellen, de legislativen an den organisatoreschen Plang vun der UPU. Wat de strategesch Plang ubelaangt, sou huet de 24. Kongress vun der UPU sech Richtung Zukunft orientéiert a sech als Zil gesat, d'Postdëngschter méi a Richtung vun den neien Technologien ze entwëckelen. D'Poststrategie vun Nairobi, déi formal um Kongress 2008 ugehall gouf, ass als Instrument gewielt ginn, fir dëst Zil ze erreechen.

De Kongress huet ausserdeem décidéiert, d'Post an hir elektronesch Dëngschter ze moderniséieren an den EMS, den Express Mail Service, duerch nei Servicer ze erweideren. Aner wichteg Décisiounen betreffen d'Afféierung vun engem System fir d'Frais terminaux, dee sech un de Käschten orientéiert.

Wat de finanzielle Plang ubelaangt, esou huet de Kongress e méi flexibele Finanzéierungsmodell ugehall, deen et de Memberstaten erlaabt, an der Zäit tëschent zwee Kongresser, déi all véier Joer stattfannen, eng Bättragsklass ze wëhlen, déi iwwer hirer aktueller läit. Dës Flexibilitéit soll et erlaben, zukünfteg budgetär Defiziter auszegläichen, déi d'Ëmsetzung vu ver-

schiddenen Entscheedungen an ambitiöse Projekte kéinte gefährden.

Um legislative Plang da gouf d'Definitioun vum „pays membre“ duerch déi vum „opérateur désigné“ ersat, dëst fir der Liberalisatioun vum Postsektor Rechnung ze droen. D'Regime vun der Responsabilitéit an der Reklamatioun goufen och der aktueller Praxis ugepasst.

Dann, um organisatoreschen Plang, huet de Kongress en neie Verwaltungsrot an en neie Conseil d'exploitation postale gewielt, mä Lëtzebuerg huet fir dës zwee Organer awer keng Kandidatur gestallt.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 6. Mee 2014 säin Accord fir dëse Projet ginn an hat just nach eng Ännerung vum Titel virgeschloen. Dës Ännerung gouf och vun der Chambre de Commerce proposéiert, déi och hiren Accord zu dësem Projet ginn huet. D'Kommission huet dës Ännerung vum Titel och ugehall. An d'Chambre des Métiers huet an hirem Avis dem Projet och zugestëmmt. Mäi schrëftleche Rapport gouf dunn den 30. Juni dëst Joer unanime an der Kommission ugehall.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer zum Schluss nach e puer kleng Remarques:

D'Approbatioun vun den Décisiounen, déi elo um 25. Kongress vun 2012 geholl gi sinn, wäerten den Objet vun engem anere Projet de loi ginn, well all Ännerung soll eng formell Approbatioun duerch en nationaalt Gesetz kréien.

D'Lëtzeburger Post ass och net ofhängeg vun der formeller Approbatioun vun dësem Gesetzesprojet, well si muss elo schonn déi international Obligatiounen, déi sech aus deenen internationalen Texter erginn, an der Praxis umsetzen.

De finanzielle Bäitrag, dee Lëtzebuerg bei der UPU muss bezuelen, fir Member ze sinn, entsprécht enger Eenheet bei der UPU, an dat waren 2013 34.543,50 Euro.

Ofschléissend soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merçi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Burton. Dann huet d'Wuert déi éischt ageschriwwen Riednerin, d'Madame Diane Aderm.

## Discussion générale

► **Mme Diane Aderm (CSV).** - Merci, Här President. Ech géif vläicht direkt der Rapportrice, der Madame Tess Burton, villmools Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport, an och, datt se schonn en Ausbléck ginn huet iwwert dat, wat an Zukunft kënnt. Et handelt sech, wéi beim Projet virdrun, ëm d'Approbatioun vu verschidde Changementer aus dem Joer 2008.

Mir begrëssen dat als CSV-Fraktioun an ech ginn och heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci villmools. Nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Virop och hei vun der DP-Fraktioun en häerzleche Merci un d'Madame Tess Burton fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an dësem ganz techneschen, awer ganz wichtege Sektour fir Lëtzebuerg.

Et geet jo hei drëm, zwee Protokoller plus d'Amendementen unzuhuelen, fir eis Situatioun ze reguliséieren. Wat ganz wichteg ass, dat ass, datt d'Strategie, déi hei verfolge gëtt vun der UPU, eben déi ass, fir déi ganz Services postaux un déi nei technologesch Entwëcklungen unzubannen a vill méi performant ze maachen. Dat ass och fir Lëtzebuerg ganz wichteg.

De Premierminister huet virdru gesot, datt dee ganze Sektour fir eis wichteg ass, an d'Post gehéiert och zu dem Telekommunikationssystem. Mir wëlle jo an deem ganze Sektour ganz performant sinn, praktesch e Global Player. An dofir mussen mer dëse Projet unhuelen, dee wichteg ass fir Lëtzebuerg.

Ech brénge bien entendu den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Beissel. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wollt just der Rapportrice Merci soe fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

► **M. le Président.** - Merci villmools. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus der Madame Burton e grouse Merci fir hire ganz flotten a komplette Rapport.

Mir hunn hei an dësem Projet eng Situatioun, déi e bëssen ähnlech ass wéi déi virdru bei der Union internationale des télécommunications, asouwäit, datt och hei eng finanziell Dispositioun drasteet, déi de Memberstaten et erlaabt, fir eng „classe de contribution supérieure à la leur“ ze wëhlen an der Period tëschent zwee Kongresser.

D'Fro ass also och hei: Gëtt Lëtzebuerg dovunner betraff oder huet d'Regierung wëlle, eng Classe de contribution supérieure ze huelen? Ech mengen, déi Fro ass an enger Zäit, wou mer mussen jo e bësse spueren, méi wéi berechtegt!

Dovunner ofgesinn, si mir natierlech och frou iwwert déi Adaptatiounen, well ech mengen, et besteet jo ouni Zweifel - an et ass och gutt esou - e grouse Konsens, datt mer wëllen an deem doten Domän wierklech e Spëtzerreider op der Welt sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. A leschte Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci. Also mir schwätzen hei wuelverstanen iwwert de 24. Kongress, deen 2008 zu Genf war, a vun deem, wat do décidéiert ginn ass, haaptsächlech op zwou Ebenen: nei Technologien, wat gesot ginn ass, mä awer och déi aner Ebene, déi een net soll ignoréieren, dat ass déi weider Liberaliséierung vum Telekommunikationsberäich. Dat bréngt jo mat sech, ënner anerem: Memberlänner ginn ersat duerch Opérateuren, Dëngschtleeschungen ginn ersat duerch Wueren. An dat ass e Prozess, dee vun dem GATT, vum AGCS an iwwert d'OMC an d'Wee geleet ginn ass, deen net nëmme Guddes mat sech bréngt.

An et ass och dowéinst, wou mir eis bei dësem Projet wäerten enthalen.

Dann ass geschwat gi vum Bléck an d'Zukunft. Wann d'Zukunft awer 2012 ass, dann ass dat schonn u sech e bësse witzeg oder e bësse signifikativ fir d'Aart a Weis, wéi mer hei schwätzen! De 24. September 2012 war zu Doha am Katar dee 25. Kongress. An do wäert eis dann och soss näischt méi iwwreg bleiwen, wéi just nach dat ofzeseenen oder ze refuséieren - mä dat wäert jo hei wahrscheinlech d'Majoritéit net maachen -, wat do ugehall ginn ass.

An dann, wa mer wierklech vun der Zukunft wëlle schwätzen, da misste mer de 26. Kongress kucken, deen 2016 stattfënn; en ass jo all véier Joer. An do maachen ech deen nämlechten Appell wéi bei deem Projet virdrun: ob mer net d'Méiglechkeet emol géife fannen, ob mer eis net d'Moyene solle ginn, fir am Virfeld ze diskutéieren, besonnesch an esou sensibele Beräicher wéi deem vun der Liberaliséierung vun ëffentlechen Dëngschtleeschungen.

An zum Schluss stellen ech mer d'Fro, an ech wëll och der Chamber d'Fro stellen, ob esou Projekte wéi déi hei, déi trotzdeem international Konventiounen sinn, ob déi net missten hei mat enger Majoritéit qualifizéiert ofgestëmmt ginn, fir ugehall ze ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Turpel. An elo huet direkt d'Regierung d'Wuert, den Här Statsminister.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias.** - Här President, ech mengen, hei ass alles gesot ginn. Ech wëll och der Rapportrice Merci soe fir de Rapport. An esou, wéi och elo just vum Virriedner gesot ginn ass, dat heite sinn d'Konklusiounen vun der Sitzung, déi zu Genève stattfonnt huet. An déi vun Doha, déi Enn 2012 stattfonnt huet, wäerten an engem separate Projet de loi och hei déposéiert ginn.

Dem Här Kartheiser seng Fro - ech soen et nach eng Käier hei, iwwert d'Wichtegkeet vun den Telekommunikatiounen: Hei steet dran, datt et géif erlaben, duerch déi aner Kontributionen, vläicht Projeten ze maachen, déi ee soss net kéint maachen, déi awer am Intérêt vun der Union internationale och wieren. Et soll een au cas par cas kucken, soen ech lech ganz éierlech. Menger Meinung no sinn einfach verschidde Länner, déi gesot hunn: Mir wëllen net eng Erhéijung. An dofir war dat d'Kompromëssléisung, wou gesot ginn ass: Ma